

Wou? Wat?

Sot äis e Méindeg tëscht 9.00 an 13.00 Auer Bescheed, wat dir mengt, datt et ass. Da kritt dir e bësse Lieses mat an d'Vakanz.



Kee Fändel kritt?

A jidfer éierbarem Souvenirbuttek kritt ee Lëtzebuerg Fändelen. Esouguer och dee blo-wäiss gestraifte mat dem roude Léiw. Et muss jo keng Flaatsch vun «zeg» m² sinn... mä souguer déi ass an engem Fändelgeschäft an alle Gréissten ze fannen... kuckt **d'Adressen am «gielen Telefonsbuch» op der Säit 412 / Rubrik 32100**. E gudden «Trick»: **Kaapt en elo**, sot äre Frënn an Noperen, wou dir e kritt huet a leet en op d'Säit bis z. B. den 10. Oktober (Commemoration Nationale), duerno fir den 23. Juni dat anert Joer.

Nach **e Féngerchen**: Et ass en Dauer, datt net wéinstens op all Police-Gebai e Fändel fir Nationalfeierdag hänkt... dat kascht ower nëmme just e Bréif vum Här Minister vun der «Force publique». Och d'Post, d'Spuerkeess an d'Eisebunn giffe sech net verheeschen, wann hir Directionen datselwecht genge maachen. Wannechgliff!



(e Merci fir d'Madame Hilda Kodesch vu Märel, déi äis gesot huet, «um Radio» wier behaupt ginn, et krit ee kee Fändel méi.)

■ V.M.

Wou si mer dann?

Dir kënnt iech bal net virstellen, **wéi dacks d'Fro gestallt gëtt, vu wou eis Sprooch hier kéim**. Freet een dat fir d'Franséisch, dat Englescht, d'Däitscht oder «südlännesch» Idiomen (= Sproochen)? D'Lëtzebuergesch, dat aremt Heeschekand, muss/misst sech ëmmer an ëmmer erëm «justifizéieren» a behaupten, souzesoen all Dag säi Pass weisen. Quatsch!

Natierlech blénken déi «grouss» Sprooche mat hiren Dichter, Philosophen, Wëssenschaftler a «Printmedien». Jidfer verstännege Lëtzebuergesch weess dat och ze respektéieren; zugudderlescht, well mir op d'mannst en Donst an e klengen Iwwerbléck an deenen anere Sproochen hunn... ower **eis Nationalsprooch huet an de leschten 150 Joer onheemlech opgeholl**. Mir kennen hir Grenzen, ower mir gesinn haut och hir Méiglechkeeten... mä eis Sprooch ass net esou aarm wéi mir sprooch-aarm sinn!

Vu wou si hierkënn? Aus deemselwechten däischtere Geschichtslach, vu wou all europäesch Sprooche sinn; an déi Entwécklung ass ongeheier intressant, historesch ganz komplex, mä zesummegeraf gëtt «d'Famill» ongeféier der Rei/Zäit no dat elei: **WEST-INDO-GERMANESCH** (Griechesch- Italesch- Keltesch-Illyresch mat der Wéi ongeféier tëscht dem Kaspeschen an dem Schwarze Mier), dann **d'Germanesch, Istväonesch**, op äis zou **Weser/Rhäingermanesch, Fränkesch**, ëmmer méi no heihinner **Westfränkesch, Muselfränkesch**... an da komme mir bei dat sougenannt **WEST-MUSEL-FRÄNKESCH**, eist Lëtzebuergesch. Vu «Klassement à la Dialekt/Sprooch» soll emol keng Ried sinn. Mir kënnen an Detailer goen, bis datt déi allermeescht dronkeg géife ginn... a mat Recht. Wat soll dat? Wat bréngt dat eiser Sprooch, a wann et nach esou intressant schéngt. Wou si hierkënn? Eng gutt Fro. Wou si steet a wuer si geet... eng vill méi wichteg! ■ P.W.

EISES...100–80–60 %?

Eist Buch mat de ville lëtzebuergeschen Ausdréck ass definitiv «an der Maach». Dat huet gebonn (kennt dir den Ausdréck?), well et bis an d'Dréckerei eng Hellewull Aarbecht ass... an «si» hunn sech net zerstridden, fir e Fanger oder eng Hand unzepaken. **Mir behaupten guer net, et wier «alles» dran**. Et guff gemaach, fir dem Lëtzebuergesch op eng originell Fassong e bëssen aus dem Motzeck eraus ze hëllefen. Op déi Manéier wéi et opgebaut ass, kann da jiddereen am Buch op fräie Plaze bäischreiwe wat hien nach fënn... also och eng Zort «Spill», esouguer e Gesellschaftsspill an der Famill oder ënner Frënn... firwat net an enger ieweschter Schouklass?

Wou de Spaass méi kriddleg gëtt, dat ass an de Kolonnen 2 an 3 bei der Iwwersetzung op Däitsch a Franséisch. Beispill: wat heescht op Däitsch/Franséisch **«Blatz an den Aen / en Apelbatz»?**

Deene ganz «décke Liwweranten» a Schafferte Guy Diederich, Baba Tissen a Jos Molitor soe mir fir den Ament merci. Elo ass d'Buch an der leschter Krëmmel, an am Hierscht freeë mir äis drop, iech et alleguer virstellen. ■ AL

D'Reschter vun eiser Heemeschts-Schprooch

vum Lex Roth



Jo, dir huet gutt gelies: et ass falsch geschriwwen, express «dolaanscht»! Et ass zesoen d'Iwwerschréft vun engem Bréif, wou een äis flott Beispiller liwwert, fir **deen iwwerdriwwen schaumegen Zischlaut vu «Schpiker» um Radio an op der Televisioun** op d'Schëpp ze huelen. Leider ass de Bréif anonym gewiescht. Fir dës Kéier kann een hei ower duerch d'Fangere kucken, well déi Persoun och seet, firwat si sech net wéinstens äis ze erkenne gëtt... Zivilcourage ass bei vill zeville Leit eng rar Saach, wann et drëm geet, säi «properen Numm» ënnert seng Meenung ze schreiw. Dann huet emol en Ulaf:

Eisen dischtege Kolleeesch Joseph Besch vun Dikresch (Izesch, Meeschtem, Dippesch, Schweesch, Maarnesch, Minsbesch, Féngesch, Schraassesch...) war sëscher rischesch paff ze héieren, datt hien nonzenghonnertsieschtesch de Karlspräis sollt feierlesch iwwerreescht kritt hunn...mega-lëschesch Neieschkeeten, entschëllescht: Nius! ... an d'Ausschprooch vum Lëtzebuergesche soll liewen, héisch, héisch, héisch. A wie mësch deer Mësch endlesch en Enn?! Dat froen esch mesch och. Vläscht ee Bertelsmann-Scheff vum Kierschbiersch... mä deenen ass et ganz sëscher egal, wat do geknëschelt gëtt.

Mäi Kolleg Gast Schuller, e «gestodéierte» Logopedie-Professor, kritt Knäpp a Kréienan an d'Oueren; all seng fachmännesch gutt Réit a Reklamatiounen a Lieserbréiwen... waarm Loft!

Hei ass d'Geleeënheet, fir emol nach eng Kéier op **eng Proposition vum der Actioun-Lëtzebuergesch** ze kommen, déi vru 5 Joer zesumme mat der UGDA gemaach ginn ass. Schrëftlech a vun hiren offizielle Membre vum 'Conseil national des programmes' explizéiert: **Am Kader vum 'Centre de langues' an dem Conservatoire e Cours fir eis Sprooch an d'Dictioun fir Mikro's-Leit ze organiséieren**. Firwat iwregens net och mat eisem Conseil de Presse? Et sinn, zesumme mam «Conseil permanent pour la langue luxembourgeoise», och ewell Reunioune gewiescht, fir deem Uleies Fong ze ginn. Dobäi waren natierlech Vertrieeder vum 'Centre de langues' a vum 'Conseil national des programmes'.


Mir hätten d'Leit fir déi Fach-Coursé gehat. Si wieren iwver de Budget vun den allgemengen Owe-Coursé gelaf. **Wat ass gelaf? Näischt! Guer, glat an iwerhaupt näischt!** «Si» hunn sech dat Ganzt schéi propper vum Pelz gehal an eiser Härgott e feine Mann si gelooss. Entschëllegt den Toun, ower do leeft ee widdert eng Mauer vun Arroganz, Ignoranz a gutt gemäschter Kamouditéit! Et rífft een eng Sätzung zesummen – als Alibi – an da léisst een d'Käerche schéi roueg rullen. De Bierg of... bis datt een se net méi gesäit... an da si mir fein a roueg Leit, gelldir.

An Däitschland, Frankräich, England sinn d'Sprooch an d'Dictioun eng Referenz, fir «op de Mikro» ze kommen. Do geet kee Badener «Singsang», kee Marseiller «bongchangsong» a kee «cockney-knätschen» duerch. Do gëtt et keng Lokalfuerf a kee Regionalkolorit! Ganz **bestëmmt spillt d'Allgemengbildung / culture générale och eng Roll**. An hei? O mei o mei, do zervéiert d'meescht egal wien, egal wéi, egal wat vrun egal watfir engem Mikro.D'Sprooch ass net wichteg, Dictioun? wat ass dat? Mä wéi sot de Mann? **Esch** wonnere mesch vläscht ze liischt!

Majo dann!

«Mir sinn der Invitatioun fir säin Abschied ganz zahlreich gefollegt... fir seng Pensioun besser ze gestalten, krut hien e Reesbong iwwerrecht». Dat ass kee Witz. Et steet schwaarz op wäiss an der Personalzeitung vun enger Lëtzebuerg Bank. Et soll Lëtzebuergesch sinn. Da léiwer direkt Houdäitsch, dat net och nach eng lëtzebuergesch Bokemailchen ophuert!

Wéi dann anescht? Mä z.B. einfach esou, wéi wann een engem et gif um Telephon soen: «Op d'Invitatioun fir seng Pensiounsfeier ware mir zu ganz vill komm... a fir him d'Pensioun méi lieweg ze maachen, krut hien e Reesbong geschenkt». ■ R.F.



Deutsch-luxemburgisches Wörterbuch

Das unentbehrliche Nachschlagewerk mit 35.000 Stichwörtern und Wendungen.

- von Experten ausgearbeitet
- neuester Stand der deutschen und luxemburgischen Rechtschreibung
- am heutigen Sprachgebrauch orientiert
- Berücksichtigung der Fachsprache (Informatik usw.)
- Angaben zur Aussprache und zur Phonetik des Luxemburgischen

Für jeden, der sich beruflich oder privat mit der luxemburgischen und der deutschen Sprache befasst, stellt dieses aktuelle Wörterbuch der éditions saint-paul ein zuverlässiges Nachschlagewerk und einen praktischen Ratgeber dar.

39,50 €

Im Buchhandel oder portofreie Lieferung bei Überweisung auf das BCEE-Konto saint-paul luxembourg LU61 0019 1300 6666 4000 (bitte Titel angeben).